N°7907
Entrée le 20.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.04.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Verkéierssituatioun am Käldall spëtzt sech weider zou. An de Spëtzestonne geet a villen Niewestroosse vun de Gemenge Rëmeleng a Käl-Téiteng – virun allem op de „Schläichweeër" a Richtung Frankräich an aus Richtung Frankräich – net méi vill. Fir d'Awunner gëtt d'Verkéierssituatioun zu enger Dauerbelaaschtung, si erstécke reegelrecht am Trafic.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechte riichten:

- Wei ass d'Verkéierssituatioun an der genannter Regioun op den Haaptachsen, am Allgemengen an an de Spëtzestonnen?

- Wat plangt den Här Minister, fir d'Verkéierssituatioun am Käldall an domat d'Liewensqualitéit vun de Leit kuerzfristeg ze verbesseren?

- Wéi wëll den Här Minister d'Offer un Eisebunnsverbindunge vu Rëmeleng aus méi attraktiv maachen an a wéi engem Zäitraum soll dat geschéien?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N° 7907
Entrée le 09.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7907 vum 20. Abrëll 2023 vum Här Deputéierten Marc Spautz.**

*Wei ass d'Verkéierssituatioun an der genannter Regioun op den Haaptachsen, am Allgemengen an an de Spëtzestonnen?*

D'Nationalstrooss N33 tëschent Rëmeleng, Téiteng, Keel an der Opfaart fir op d'Autobunn A13 ass d'Haaptachs déi de Keeldall an déi ugrenzend franséisch Regioun mat dem lëtzebuergeschen Autobunnsreseau verbënnt. Haaptsächlech moies an de Spëtzestonnen a Richtung A13 an owes a Richtung Rëmeleng/Frankräich ass de Stroossereseau a der Regioun méi héich belaascht.

Op Basis vun enger punktueller Verkéierszielung am Oktober 2020 am Raum Keel, Téiteng an Rëmeleng, konnte folgend Verkéierslaaschte festgestallt ginn:

- Op der N33 tëschent Téiteng a Keel, läit d'Verkéierslaascht bei 11 445 Gefierer, verdeelt op 13 Stonnen am Dag (also vu Moies 6 bis Owes 19 Auer). Op der Parallelachs, dem CR166, sinn et am nämmlechten Zäitraum ëm déi 2 000 Gefierer;

- Um Zoubrénger zum Echangeur A13, der N33, goufen 9 685 Gefierer, verdeelt op 13 Stonnen, gezielt;

- An der Spëtzestonn Moies vun 7 bis 8 Auer goufen op der Héicht vum Rondel zu Keel, dem nevralgesche Punkt am Stroossereseau, 710 Gefierer vu Rëmeleng kommend (N33), 400 Gefierer vun Diddeleng kommend (N31) a 600 Gefierer pro Stonn vun Esch/Keel kommend (N31) gezielt. Den Haaptflux ass am Dall op der N33 ab dem Rondel a geet dobäi a Richtung Echangeur A13 mat 970 Gefierer pro Stonn;

- An der Owesspëtzt vu 16 bis 17 Auer, ass den Haaptflux erëm op der N33 ab dem Echangeur A13 bis bei de Rondel zu Keel mat 875 Gefierer pro Stonn. Um Rondel goufen do a Richtung Rëmeleng (N33) 820 Gefierer, a Richtung Keel/Esch (N31) 500 an a Richtung Diddeleng (N31) 320 Gefierer pro Stonn gezielt.

*Wat plangt den Här Minister, fir d'Verkéierssituatioun am Käldall an domat d'Liewensqualitéit vun de Leit kuerzfristeg ze verbesseren?*

Et ass kloer, dass een d'Verkéierssituatioun am Keeldall, wou – wéi den Numm et seet – beenkte Verhältnisser virherrschen, net kann doduerch verbesseren, andeems ee vun der enger oder der anerer Säit nach méi motoriséierte Verkéier eraschleist. Wéi schonn am Modu 2.0 beschriwwen, besteet d'Léisung fir eist Land, a besonnesch och fir de Keeldall, doranner, méi Leit ze beweegen, ouni zwangsleefeg méi Gefierer ze deplacéieren. Well kee Verkéiersmëttel pro transportéierter Persoun esou vill Stroosseraum beusprocht ewéi ee privaten Auto, gëllt et also, déi méi plazspuerend Alternative fir d'Leit attraktiv ze maachen: dat sinn d'Eisebunn, de Bus, d'Vëlofueren, a fir déi ganz kuerz Distanzen och d'zu Fouss goen.

D'Stroossebauverwaltung ass amgaang ee Projet auszeschaffe fir d'Nationalstrooss N33 tëschent Téiteng an Keel (bis zum Echangeur A13) ze reamenagéieren. An dësem Projet gëtt den zur Verfügung stoenden ëffentleche Raum zu Gonschte vum Vëlo an dem Foussgänger reaffektéiert.

Ausserdeem ginn d'Busarrête PMR-gerecht (personnes à mobilité réduite) amenagéiert sou datt den ëffentlechen Transport fir jidderee barrièrefräi zougänglech ass. Zousätzlech gi verschidde verkéiersberouegend Mesuren am Projet integréiert, déi zu enger méi héijer Verkéierssécherheet an Liewensqualitéit bäidroen.

Ee graffe Virprojet läit schonns fir a gëtt elo an der nächster Etapp, dem detailléierte Virprojet, weider studéiert.

Fir d'Retarde vun de Busser am Keeldall ze reduzéiere gouf eng zousätzlech Machbarkeetsetude duerchgefouert.

Zwou grouss Mesuren, déi aus dëser Machbarkeetsetude identifizéiert goufen, sinn d'Equipéiere vum Echangeur A13 mat roude Luuchten an den Ëmbau vum Rondel zu Keel an eng Kräizung mat roude Luuchten. Bei béide Luuchtenanlage ginn d'Busser prioriséiert. Besonnesch beim Rondel zu Keel kéinten d'Busser dobäi vun engem Zäitgewënn vun iwwert 2 Minutte profitéieren.

*Wéi wëll den Här Minister d'Offer un Eisebunnsverbindunge vu Rëmeleng aus méi attraktiv maachen an a wéi engem Zäitraum soll dat geschéien?*

Wéi am nationale Mobilitéitsplang PNM 2035 op Säit 50 beschriwwen, ass virgesi d'Eisebunnsstreck vu Rëmeleng op Näerzeng fir den Zäithorizont 2035 ze stäerken. An enger éischter Phase wäert en optimiséierten Ëmstig zu Näerzeng am Hallefstonnentakt ugebuede ginn. Fir dat ze realiséiere sinn infrastrukturell Upassungen op der Streck neidesch. An enger zweeter Phase, falls eng genügend Nofro festgestallt gëtt, kéinten eenzel Zich an der Spëtzestonn bis op d'Gare Lëtzebuerg duerchgebonne ginn. Dës Zich bedéngen awer d'Uschafung vun neiem Rullmaterial an kéinten nëmmen op Käschte vum Fretverkéier gefuer ginn.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch